CORONAVIRUS

# Ee Pandemieplang fir d'Gemengen

11. Mäe 2020 - 13:00

**D'Gemenge si wéinst dem neiaartege Coronavirus amgaang hire Pandemieplang nei opzestellen. Am Fall vun enger Quarantän wier den Accueil vun de Schoulkanner den éischten Dag assuréiert.**

*Carole Schimmer / cbi*



*Wat geschitt, wann eng School ënner Quarantän gesat gëtt? Foto: Bigstock / msymons*

De Bäitrag vum Carole Schimmer lauschteren

Wa Kanner aus enger Klass zum Beispill a Quarantän gesat ginn, da muss och ee vun den Elteren doheem beim Kand bleiwen. Dat soll mat der Sozialversécherung gekläert ginn, seet den Emile Eicher, President vum Syvicol. Prezisiounen dozou soll de Regierungsrot annoncéieren.

D'Eltere solle sou séier wéi méiglech Bescheed gesot kréien, wann et zu enger Quarantän kënnt. Deen éischten Dag wier souwisou een Accueil assuréiert vu Leit, déi den Educatiounsministère zur Verfügung stellt.

D'Inspection sanitaire ass dee Service, deen Decisiounen trëfft a verantwortlech ass fir de Suivi vun der Quarantän.

## Pläng an de Gemengen nei opstellen

Zanter 15 Joer gëtt et fir d'Gemengen ee Plan pandémie, dee misst elo erëm op de Leescht geholl ginn, seet den Emile Eicher. D'Gemeng Lëtzebuerg hätt hiren neie Plang als Modell un déi aner Gemenge weidergereecht. Ee Plan de continuité misst an alle Gemengen opgestallt ginn, seet de President vum Syvicol.

Wann eng Gemeng betraff wier, da missten awer déi essentiell Servicer funktionéieren.

> *"Mir kënne jo net einfach de Betrib astellen an d'Leit am Ree stoe loossen. Dat muss virugoen, da muss ee sech iwwerleeën, wat fir eng Aarbechte Prioritéit hunn, ob een déi och am Télétravail ka maachen, ob déi kleng Gemengen eng där anerer kënnen hëllefen, am Fall wou se ganz betraff ass."*

De Syvicol huet iwwerdeems decidéiert Kontakt opzehuele mat betraffe Regiounen am Ausland, fir vun hinnen Rotschléi ze kréien.